# 20.05.2026 - Ried zur Lag vun der Natioun 2026

CSV AN DER CHAMBER

**Laurent Zeimet**

**- Et gëllt dat geschwate Wuert -**

Merci Premierminister fir seng Erklärung.

Eng Erklärung zur Lag vun der Natioun.

Eng Erklärung iwwer déi wirtschaftlech a sozial Situatioun vun eisem Land.

Dëst an enger Zäit vu villen politeschen an ekonomeschen Onsécherheeten.

An enger Zäit wou mer nach net kënnen ofgesinn wéi sech aktuell Krisen am Noen Osten sech muer wäerten auswierken an eis strukturell Suergen weider verschärfen.

An enger Zäit wou d'Regierung sech mat de Sozialpartner beréit, wéi mer Land a Leit op déi kommend Erausfuerderungen kënne preparéieren.

Zanter der leschter Erklärung ass villes geschitt.

Eng Reform fir eis Pensiounen ofzesécheren.

Eis Wirtschaft war um Wee vun enger liichter Erhuelung.

D'Kafkraaft vun de Leit gouf gestäerkt.

Mee mam Iran-Krich gouf an der Welt eng Energiekris provozéiert, déi net ouni Auswierkungen op Liwwerketten op d'Inflatioun waert bleiwen.

Virun dësem Hannergrond musse mer eis Poiltik nei ausriichten an upassen.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Wa mir haut d'Lag vun der Natioun diskutéieren, dann ass fir d'CSV kloer, datt mer iwwer all déi Mënschen diskutéieren, déi dëst Land all Dag matdroen.

Ronn 368.900 Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger, déi hei liewen.

322.000 Net-Lëtzebuerger, déi hei wunnen, hei schaffen, hei Steiere bezuelen a mat hirer Famill bei eis eng nei Heemecht fonnt hunn.

Mir schwätzen iwwer déi 232.000 Frontalièren, déi moies iwwer d'Grenz kommen, an ouni déi e groussen Deel vun eisem Alldag net géif funktionéieren.

Eist Land lieft aus sengem Zesummespill mat der Groussregioun.

Mir diskutéieren och iwwer déi Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger, déi net méi hei am Land wunnen: déi, déi an d'Groussregioun geplënnert sinn, well de Wunnraum hei ze deier ginn ass; déi, déi nach ëmmer hei schaffen, hei Famill hunn, hei verwuerzelt sinn, mee op där anerer Säit vun enger Grenz liewen.

An och déi Lëtzebuerger Diaspora, déi méi wäit ewech lieft mee weider mat dësem Land verbonne bleift.

Mir diskutéieren iwwer all déi déi wëllen, datt Lëtzebuerg och muer staark, sozial a sécher bleift.

**Wéi geet et dësem Land - dëser Gemeinschaft, déi Lëtzebuerg all Dag ausmécht?**

Mir maachen eis all Suergen iwwer déi international Situatioun déi de Premier gëschter beschriwwen huet.

Mir spieren all Onsécherheeten am Alldag.

Wéi geet dat hei weider? Gëtt alles ëmmer méi deier? Kënne meng Kanner sech hei nach eppes opbauen?

Bleift dat, wat Lëtzebuerg staark gemaach huet, och muer nach erhalen ?

**Dës Suerge muss een eescht huelen. Et stellen sech sozial Froen.**

**Mee Suergen eescht huelen heescht <u>net</u>, d'Land méi schwaach ze schwätzen, wéi et ass.**

Et gëtt an der leschter Zäit eng Aart, iwwer Lëtzebuerg ze schwätzen, déi bal esou kléngt, wéi wann hei näischt méi géif funktionéieren.

Dëst Land muss – wéi anerer och – mat Crisen eens ginn déi vu baussen op eis awierken.

Och dat ass net nei a net fir d'éischt.

D'Problemer si real. Mee d'Stäerkte vun eisem Land sinn et och.

Wat mir brauchen, ass Kloerheet iwwer d'Problemer, Vertrauen an eis Capacitéiten, an de Courage, dat ze maachen, wat néideg ass.

Mir mussen eis preparéieren op déi sozial an ekonomesch Konsequenzen vun de Kricher virun eiser Dier.

**Här President,**

Déi éischt sozial Fro ass d'Kafkraaft.

Wat bleift um Enn vum Mount iwwreg? Wéi vill kascht den Akaf am Supermarché? Wéi héich ass d'Stroumrechnung? A wéi vill Spillraum bleift nach, wann de Loyer oder de Kredit bezuelt ass?

Kafkraaft stäerken heescht net nëmmen, eppes géint d'Inflatioun ze maachen.

Et heescht och, Respekt ze weisen virun deene Leit, déi schaffen, déi Verantwortung droen, déi hir Rechnunge bezuelen an déi erwaarden, datt Aarbecht sech hei am Land lount.

An deem Sënn ass den Index ee wichtege Pilier vun eisem Sozialmodell. Hie suergt dofir, datt d'Léin an d'Pensiounen net einfach hannert de Präisser zeréckfalen, wann d'Liewen méi deier gëtt.

A wéi de Premier scho sot, den Index ass net a Fro gestallt.

Mee Kafkraaft schützt een net nëmmen iwwer den Index. Well wann d'Präisser klammen, kritt de Staat indirekt op där anerer Säit duerch d'kal Progressioun een Deel zréck.

Dofir huet d’Regierung och beim Steierbarème gehandelt an deen un d’Inflatioun ugepasst. Eng Entlaaschtung vu ronn 480 Milliounen Euro.

Am Januar 2025 koum en zousätzleche Pak vu ronn 420 Milliounen Euro dobäi.

De soziale Mindestloun gouf steierfräi.

Elengerzéier, Witfraen a Wittmänner goufe gezielt entlaascht.

An och d’Ofsetzbarkeet vu Scholdzënsen op Immobilienprêten ass schon verbessert ginn.

Dat ass méi Netto vum Brutto.

Jo, et soll een vun sengem Loun kënne liewen. Dofir hu mer Leit entlaascht. An dofir si weider Entlaaschtungen virgesinn.

Dëss Regierung wäert eng eenheetlech Steierklass fir d'Leit alleguerten hei zu Lëtzebuerg aféieren.

Eng Gesellschaftsreform an zugläich och déi familljefrëndlechst Steierreform, déi et jeemools an eisem Land gouf.

De Finanzminister Gilles Roth huet e modernt Steierkonzept ausgeschafft, dat d‘Steieren un d'Liewenswierklechkeet vun haut upasst, mat enger zolitter Entlaaschtung fir déi allermeeschte Leit.

Keen wäert dobäi verléieren. All dëst vum Steierjoer 2028 un.

Eng eenheetlech Steierklass fir jiddwereen, fir all Famill, all Mamm an all Papp, ob bestuet, gepacst, gescheet oder gekummert.

Déi steierlech Situatioun gett a Zukunft net méi beaflosst wann d’Familljesituatioun abrupt ännert.

All Familljemodell wäert selwecht behandelt a besteiert ginn.

De Brutto Käschtepunkt gett op 900 Milliounen Euro am Joer geschaat.

Dobäi geet et net nëmmen ëm d’Individualiséierung. Dozou gehéieren och d’Ännerunge bei den Dépenses spéciales, de Bauspuerverträg, den neien Abattement Petite Enfance an den Abattement Conjoint.

Mat denen 2 Abattementer ënnerstëtzen mir konkret d'Familjen.

An och net ze vergiessen: eng weider Erhéijung vum Crédit monoparental.

Käschte sinn hei eng Entlaaschtung fir d'Leit a ginn zum Deel géigefinanzéiert mat den Indextranchen, déi haut nach net berengegt sinn, respektiv déi bis 2028 ufalen.

Dat eleng maache ronn 450 Milliounen Euro aus.

Wien dës Reform net wëll maachen, muss sech dann och soen, datt en de facto eng Steiererhéijung well.

Deen muss de Biergerinnen a Bierger erklären: datt se net dat zréckkréien, wat si duerch déi sougenannt kal Progressioun iwwer déi lescht Jore verluer hunn.

D'CSV wëll d'Leit weider entlaaschten. D'Kafkraaft grad an dësen Zäiten stäerken. An dofir sti mer zu dëser Reform.

Mir stinn och dozou datt breet Schëlleren méi mussen droen an datt déi méi schwaach a vulnerabel mussen ënnerstëtzt ginn.

Dat sinn keng Almosen, dat ass eng gerecht Emverdeelung an enger solidarescher Gesellschaft.

D'CSV steet fir Eegeverantwortung a fir Solidaritéit.

Dofir hu mer cibléiert Hëllefen ugepasst :

D'Energieprimm ass verdräifacht ginn, vu 200 op 600 Euro d'Joer.

D'Allocation de vie chère gouf ëm 10 % eropgesat.

Bei engem Akommes vu 2.710 Euro ass d'Allocation de vie chère vu 1.652 Euro op 1.817 Euro eropgaangen.

Hëllefe ginn ëmmer méi automatesch ausbezuelt.

Hëllefen ginn gezielt, séier an ouni onnéideg Hürden dohin bruet, wou se gebraucht ginn.

Mam nationalen Aktiounsplang géint Aarmut gëtt dës Approche weidergefouert.

Iwwer 100 Mesure sollen Hëllefe méi einfach, méi cibléiert a méi gerecht maachen. Dozou gehéieren och nei Approchen géint Altersaarmut a Kanneraarmut.

Den Taux de risque de pauvreté louch 2024 zu Lëtzebuerg bei 18,1 % géintiwwer 18,8 % am Joer 2023.

Dat ass ass nach ëmmer zevill.

Mee d'Schéier ass ënner dëser Regierung net méi wäit ausereneen gaang.

E Fakt bléift e Fakt, och wann een dauernd an de Mikro eppes anescht seet.

Och bei den Energiekäschten huet d'Regierung Verantwortung iwwerholl.

De Stroumpräisdeckel gouf verlängert: Zanter dem 1. Januar 2026 iwwerhëlt de Staat fir op d'mannst dräi Joer en Deel vun den Netzkäschte beim Stroum, mat engem Impakt vu ronn 150 Milliounen Euro.

Dat hëlleft de Stéit. Et hëlleft de Betriber. An et geschitt automatesch.

Dat ass e Punkt, deen an der ëffentlecher Debatt vläicht nach net genuch wouergeholl gouf.

D'Regierung huet net gewaart, bis méi héich Energiepräisser voll op de Rechnunge vun de Leit stinn. Si huet gehandelt.

Mee Solidaritéit bedeit net, datt de Staat alles fir jidderee gläich mécht.

De Staat ass keng Casco-Versécherung fir all Liewensrisiko.

Sozial Gerechtegkeet bedeit, datt déi richteg Hëllef bei deene Leit ukënnt, déi se am meeschte brauchen.

Cibléiert. Effikass. Mënschewierdeg. Am Respekt virun deenen, déi op Hëllef ugewise sinn.

Pensiounen, Gesondheetskeess, Fleeg, Sozialhëllefen - dat sinn net einfach Budgetsposten. Dat ass d'Versprieche vun enger Gesellschaft, datt keen am Reen stoe bleift, wann et schwéier gëtt.

Mee e Versprieche bleift nëmme staark, wann et finanzéierbar bleift.

Sozial Verantwortung heescht net nëmmen, haut ze verdeelen. Sozial Verantwortung heescht och, **muer** nach kënnen ze garantéieren.

Dat gëllt net zu Lescht fir eis Gesondheetsversuergung.

De Premier huet gëschter confirméiert: mat eis wäert et keen Déconventionnement ginn.

Mat eis wäert et keng Zwou-Klasse-Medizin ginn.

D'Ziil vun der Regierung ass et d'Medizin méi no bei d'Leit ze bréngen.

An deem Sënn wäert et an Zukunft fir Dokteren méiglech sinn kleng medezinesch Agrëffer an enger Rei Beräicher och an Eegeregie ze maachen

**Här President,**

Wann et eng sozial Fro gëtt, wou Kafkraaft, Mëttelschicht, Famill, Aarbechtsmarché, Integratioun, Landesplanung a soziale Fridden zesummekommen, dann ass et de Wunnraum.

De **Logement** ass net nëmmen eng wirtschaftlech Fro. Et ass eng Fro vun Dignitéit. Eng Fro vun der Liewensplanung. Eng Fro, ob jonk Leit d'Gefill hunn, datt dëst Land och hiert Land bleift.

D'Regierung huet reagéiert.

Mam bëllegen Akt. Mam VEFA-Opkaaf Programm. Mam Spezialfong. Mat der Ënnerstëtzung vum Fonds du Logement, vun der SNHBM, vun de Gemengen a mat Partnerschafte mam Privatsecteur.

Konkret heescht daat, an de Premier huet et gëschter gesoot :

- 7 vun 10 Mesurë fir d'Bauprozeduren ze vereinfachen sinn schonn ëmgesat oder an der Chamber deposéiert – déi aner kommen nach dëst Joer
- D'VEFA-Gesetz gëtt reforméiert
- D'Budgetsenveloppe fir de VEFA-Opkafprogramm gëtt erhéicht
- Et wäerten Housing bonds, ähnlech den Defense-Bonds, opgeluecht ginn fir abordabele Wunnraum ze finanzéieren
- Desweideren gëtt de Locataireschutz verbessert.

Et brauch Terrain. Et brauch vereinfacht Prozeduren. Et brauch Gemengen, déi sech engagéieren. Et brauch Betriber an Handwierker, déi kënnen ëmsetzen.

**Mir brauchen net nëmme méi Wunnengen. Mir brauchen se méi séier.**

Wann e Projet Jore brauch, ier e iwwerhaapt ufänke kann, da verléiere mir méi wéi Zäit a Geld. Mir verléieren Vertrauen. Mir verléieren Wunnraum. An heiansdo verléiere mir och jonk Leit, déi sech hir Zukunft da soss anzwousch opbauen.

Dofir muss d'Mobiliséierung vu Bauland virugoen.

Dofir mussen d'Prozedure méi séier ginn, ouni Natur- an Ëmweltschutz einfach iwwer Bord ze geheien.

An dofir däerfe mir ëffentleche Wunnengsbau a privat Partnerschaften net als Géigesätz behandelen. Mir brauche béides.

Mir brauchen de Staat, d'Gemengen, déi ëffentlech Promoteuren. Mee mir brauchen och de Privatsecteur, d'Betriber, d'Handwierk, d'Investisseuren, déi fäeg sinn, Wunnraum ze realiséieren.

**Här President,**

De gesetzlechen Mindestloun ass ee Bausteng vum lëtzebuerger Sozialmodell vun der Nokrichszäit.

Aktuell läit den onqualifizéirten Mindestloun hei zu Lëtzebuerg bei 2.703,74 Euro.

Domatt läit en iwwert den Mindestléin vun onsen direkten Nopeschlänner:

a Frankräich läit de SMIC aktuell bei 1.443,11 Euro de Mount

de belschen Mindestloun läit bei 2.154,11 Euro de Mount

den däitschen bei ronn 2.410 Euro de Mount

Och de Verglach mam Rescht vun Europa weist, dass et néirens sou en héijen Mindestloun gëtt wéi hei zu Lëtzebuerg.

Wann een dës Zuelen nennt, dann héiert een oft d’Argument, dass dëst net aussagekräfteg wier, welle en déi héij Liewenskäschten hei zu Lëtzebuerg berücksichtegen muss.

Jo et stëmmt, dass déi hei zu Lëtzebuerg héich sinn.

Et muss een awer objektiv feststellen: A bal kengem aneren Land vun der Unioun, brengt de Mindestloun souvill Kaafkraft wéi hei zu Lëtzebuerg.

Wien Kafkraaft seet, muss och vum Revenu disponible schwätzen. Dat ass dat Akommes, Sozialleeschtungen abegraff, dat engem Stot no Ofzuch vu Steieren a Sozialbäiträg effektiv bleift fir ze liewen.

Dozou ginn et interessant Zuelen vun der IGSS, enger offizieller an onofhängeger Referenz.

E Mindestlounempfänger hat am Joer 2024 e Revenu disponible vun 2.405 Euro.

Am Joer 2025 waren et 2.529 Euro. Dat ass e Plus vu 5 %.
Nach méi däitlech ass d’Entwécklung bei engem Ménage monoparental um Mindestloun mat zwee Kanner:

2024 louch de Revenu disponible bei 3.451 Euro, 2025 bei 4.400 Euro.
Dat ass e Plus vu 27,5 %. An dat bannent engem Joer.

Dat ass net just e Gefill. Dat si Fakten.

Dofir ass d’Behaaptung, d’Kafkraaft wier generell erofgaangen einfach falsch.

Am Géigendeel: d’Zuele weisen, datt d’Kafkraaft fir vill Stéit eropgaangen ass.

Och de STATEC huet a sengem Rapport „Travail et cohésion sociale 2025“ gewisen, datt d’Kafkraaft am Duerchschnëtt an de leschte Joren zougeholl huet — ënner anerem duerch d’Indexéierung an duerch gezielte Mesuren.

Dat heescht net, datt all Problem geléist ass. Vill Leit spieren nach ëmmer Drock am Alldag.

Mee et heescht, datt d'politesch Mesuren eng konkret Wierkung hunn an datt d'Entlaaschtunge bei ville Leit ukommen.

D'Regierung huet eng weider substantiell Erhéijung vum soziale Mindestloun proposéiert.

Op den 1. Januar 2027 soll de Mindestloun ëm ronn **175 Euro** klammen. Dëst entsprécht enger Hausse vun 6,3%, déi sech aus dem Index an der allgemenger Upassung un d'Lounentwécklung zesummesetzt.

D'Upassung un d'allgemeng Lounentwécklung ass **keen Automatismus**, wéi dat aus verschiddenen Kreeser ze héiren ass, mee ëm e **politesche Choix**, deen bei der Chamber läit.

Decisioun vun der Regierung, och a wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten de Mindestloun unzepassen, ass e kloert Bekenntnis zum lëtzebuerger Sozialmodell.

Mat dëser Mindestlounerhéijung behale mir net nëmmen den héchsten Mindestloun a ganz Europa, mee mir erreechen och de Referenzwäert vun 60 % vum Medianloun, sou wéi en an der europäescher Mindestloundirektiv virgesinn ass.

An der ganzer Fro ronderem de Mindestloun, dierf een déi awer net vergiessen, déi de Mindestloun och effektiv ausbezuelen mussen, an dat sinn eis Betrieber hei am Land.

Dowéinst muss een oppassen, dass de Mindestloun net dozou féiert, dass d'Betrieber Arbechtsplazen ofbauen a keng Léit méi astellen, well d'Lounkäschten ze héich sinn.

Doweinst ass et räsonabel, dass d'Regierung 1,3 % vun der annoncéierter Upassung kompenséieren wäert.

Eenzelner schengen iwwerzeegt ze sinn, dat all sozial Froen mat enger struktureller Erhéijung vum Mindestloun kéinte geléist ginn.

Mir gesinn dat net esou. Au contraire, riskéiere mer vill nei sozial Problemer ze schafen wa mer all ekonomesch Realitéit ignoréieren.

**Här Präsident,**

Eng staark Wirtschaft ass net de Géigner vun enger gerechter Sozialpolitik. Si ass hir Viraussetzung.

Eng gerecht Sozialpolitik ass net de Géigner vun enger performanter Wirtschaft. Si gëtt engem Wirtschaftsmodell Sënn, Akzeptanz a Legitimitéit.

No der Rezessioun vun 2022 war d'Wirtschaft amgang sech liicht ze erhuelen, mat der Betounung op "liicht".

Esou rechent de STATEC fir 2025 mat engem Wuesstum vun 0,6%.

Do dergéint sinn d'Prévisiounen fir 2026 awer ganz schwiereg wëll villes dovun ofhänkt wéi lang de Konflikt tëscht den USA an Israel, op der enger Sait, an dem Iran, op der anerer Sait wäert daueren. A wéini d'Stross vun Hormus erëm opgeet.

Am Fall vun engem längeren Konflit geet de STATEC vun enger Rezessioun fir Lëtzebuerg aus.

Mir sinn also wait ewech vun der Croissance vun 2,5% déi mir am Durchschnëtt tescht 2010 an 2019 haaten.

An nach méi wait ewech vun den 4,4% Wuesstum déi mir an der Moyenne tescht 1995 an 2008 haaten.

**Här President,**

Lëtzebuerg huet wirtschaftlech Potenzial.

Mir hunn eng international Attraktivitéit. Mir hunn eng Finanzplaz, déi sech weiderentwéckelt. Mir hunn Know-how an Déngschtleeschtungen, Industrie, Logistik, Handwierk, Fuerschung an Technologie.

Mir hunn eng aussergewéinlech international Aarbechtskraaft an eng zentral Lag an Europa.

Mee e Potenzial ass keng Garantie fir d'Zukunft.

D'Welt ronderëm eis gëtt méi kompetitiv. D'Käschte klammen. D'Produktivitéit steet ënner Drock. D'Betriber sichen no qualifizéierte Leit.

D'Bauwirtschaft huet schwéier Joren hannert sech. An d'Administratioun ass nach ze dacks méi e Bremsklotz wéi e Beschleuneger.

D'Regierung huet dofir an de leschte Joren wichteg Decisioune geholl.

**D'Betribsbesteierung** gouf ëm ee Prozentpunkt erofgesat, an eng weider Baisse ass ugekënnegt. Dat ass net einfach e Cadeau un d'Betriber. Dat ass eng Investitioun an d'Standortstäerkt vum Land.

Well mir mussen eis näischt virmaachen: Kapital, Talenter an Innovatioun si mobil. Si ginn dohinner, wou d'Konditioune stëmmen.

D'Regierung huet  en Aktiounsplang fir Start-upen opgestallt, nohalteg Finanzen als Zukunftscréneau gestäerkt, Staatshëllefe fir Klima- an Ëmweltschutz an de Betriber ausgebaut, Prozedure fir d'Grënnung vun enger Entreprise vereinfacht an op Donnéeën, Quantecomputer, kënschtlech Intelligenz an Digitaliséierung gesat.

**Här President,**

et gëtt vill iwwer **Kompetitivitéit** geschwat. Heiansdo kléngt dat abstrakt. Mee am Alldag vun engem Betrib ass Kompetitivitéit ganz konkret.

Kompétitivitéit entscheed iwwer d'Liewen an d'Iwwerliewen vun engem Betrieb.

Kompetitivitéit ass d'Fro, ob eng Autorisatioun a Méint oder a Joren kënnt.

Et ass d'Fro, ob een eng Firma séier grënne kann, oder ob een duerch esou vill Prozedure muss, datt d'Motivatioun scho fort ass, éier de Projet ugefaangen huet.

Et ass d'Fro, ob eng PME Zäit huet, sech ëm Clienten, Personal an Innovatioun ze këmmeren -  oder ob se sech duerch Formulairen, sämtlech administrativ Barrièren an onkloer Responsabilitéite kämpfe muss.

**D'Zäit ass haut e Standuertsfacteur.**

Wann eng Autorisatioun ze laang dauert, gëtt net nëmmen e Pabeier, eng administrativ Démarche, gebremst. Et gëtt e Projet gebremst. Eng Investitioun. Eng Aarbechtsplaz. Heiansdo och eng Wunneng.

**Dofir ass administrativ Vereinfachung keng technesch Niewesaach.**

E Staat, deen do kontrolléiert, wou et néideg ass. Mee deen och versteet, datt Leit an de Betriiber net moies opstinn, fir Reegelen ze briechen.

Si stinn op, fir Aarbecht ze schafen, Clienten ze bedéngen, Léin ze bezuelen, ze investéieren an um Enn vum Mount ze kucken, ob d'Rechnung opgeet.

Dofir brauche mir eng ëffentlech Administratioun, déi méi séier, méi digital, méi verständlech a méi berechenbar gëtt.

Den "once only"-Prinzip däerf net nëmmen e Slogan bleiwen. Wann de Staat eng Informatioun schonn huet, soll de Bierger oder de Betrib se net nach eng Kéier mussen erabréngen.

**Här President,**

Op de Januar 2026 zréckgekuckt, hate mir méi wéi 525.000 Aarbechtsplazen am Land, bal 300.000 dovunner bei Residenten. Déi lescht STATEC-Previsioune weisen fir 2026 an 2027 nach eng positiv Entwécklung bei der Beschäftegung.

Och wann déi Prévisioune, am aktuellen Kontext, mat Virsiicht ze genéissen sinn.

An anere Länner géif een esou Zuelen wahrscheinlech mat e bësse manner Lëtzebuerger Bescheidenheet kommentéieren.

De Wuesstem bleift fragil. D'Produktivitéit steet ënner Drock. De Bausecteur ass nach ëmmer an enger schwiereger Situatioun. A gläichzäiteg fannen vill Betriber net déi Profiller, déi se brauchen.

Dat ass ee Paradoxe vun eiser Zäit:

Et gëtt Aarbecht, mee net ëmmer déi richteg Qualifikatioun.

Et gëtt Talenter, mee ze dacks feelt déi passend Formatioun.

Dofir ass Formation continue esou zentral.

Zanter 2019 ass den Undeel vun den Demandeurs d'emploi, déi eng Formatioun gemaach hunn, verdräifacht ginn. Eleng 2025 hu bal 9.900

Demandeurs d'emploi un op d'mannst enger Formatioun deelgeholl, mat iwwer 16.500 Participatiounen am Ganzen.

**Här President,**

et ass legitim, iwwer méi Loun, méi Congé oder méi kuerz Aarbechtszäit ze diskutéieren.

Mee d'Politik däerf net, wann een seng Fuerderungen an d'Welt setzt, bei der Fro stoe bleiwen: "**Kléngt et gutt?**"

Si muss och déi zweet Fro stellen:

**Ass et machbar?**

Ech sinn zwar keen Ekonomist,

Mee, wann een eng 38-Stonne-Woch bei vollem Lounausgläich fuerdert, eng 6. Congéswoch an zousätzlech nach eng substantiell Hausse vum Mindestloun, da stellen ech eng ganz einfach Fro:

**Wien soll dat an Zukunft eigentlech erwirtschaften?**

An enger Zäit, wou mir keng Croissance vu 5 Prozent hunn, wou d'Produktivitéit ënner Drock steet, wou vill Betriber keng Leit fannen, an wou mir gläichzäiteg eise Sozialstaat, eis Pensiounen an eis Investissementer musse finanzéieren, muss een éierlech froen:

Wéi soll déi Rechnung opgoen?

Dat ass kee kalen ekonomesche Reflex.

Dat ass de Realitéitscheck.

An dëse Realitéitscheck ass net géint d'Salariéen. Am Géigendeel.

Well eng Mesure ass net sozial, well se gutt kléngt. Eng Mesure ass sozial, wann se och laangfristeg Aarbechtsplazen, Kafkraaft a Perspektive séchert.

Et ass einfach, eng Mesure op eng Affiche ze schreiwen.

Et ass méi schwéier, se an engem klengen Handwierksbetrib, an enger Crèche, an engem Restaurant oder op engem Chantier konkret ëmzesetzen.

An dofir brauch d'Land keng Politik, déi just déi nächst Fuerderung drop leet.

Et brauch eng Politik, déi sech freet: Wat packe mer nach als d'Land? Wat hëlleft de Leit wierklech? A wéi kënne mer och muer Wuelstand schafen?

Wuelstand entsteet do, wou Leit schaffen, wou Betriber investéieren, wou Innovatioun méiglech ass, an wou de Staat net blockéiert, mee erméiglecht.

**Här President,**

D'Kompetitivitéit ass d'Fro, ob Lëtzebuerg och muer nach gutt Aarbechtsplazen huet.

Ob Betriber hei nach investéieren.
Ob jonk Leit hei nach eng Perspektiv gesinn.
Ob Aarbecht hei sech nach lount.
Ob mir och muer nach genuch Steierrecetten hunn, fir Schoulen, Spideeler, Infrastrukturen, Pensiounen a Sozialhëllefen ze finanzéieren.

Et geet also **net** drëm, Wirtschaft géint Soziales auszespillen.

Et geet drëm, d'Fäegkeet vum Land ze erhalen, Wuelstand ze schafen.

Well nëmme wat u Wäert geschaaf gëtt, kann och verdeelt ginn.

An nëmme wann d'Wirtschaft staark ass, kann de Sozialstaat staark bleiwen.

D'Produktivitéit pro geschaffter Stonn ass zu Lëtzebuerg tëscht 2003 an 2023 ëm 2,9 Prozent zeréckgaangen ass, wärend se an der Europäescher Unioun ëm 21,1 Prozent geklommen ass.

Lëtzebuerg bleift also staark, mee aner Länner hu sech no vir beweegt.

Well **d'Leeschtungsfäegkeet vun engem Land ass wéi e Muskel**: wann een en net trainéiert, verléiert en u Kraaft.

An dëse Muskel trainéiere mir net mat méi Komplexitéit, méi Belaaschtungen an ëmmer méi Prozeduren.

Mir trainéieren en duerch Innovatioun, duerch Formatioun, duerch Investissementer, duerch administrativ Vereinfachung, duerch Digitaliséierung an duerch eng Kultur, déi Leit net bremsen, mee no vir brénge wëll.

Dat gëllt och fir eis grouss wirtschaftlech Stäerkten.

D'Finanzplaz bleift ee vun den Haaptmotoren vum Land. Si steet fir ronn 15 Prozent vun de Beschäftegten, iwwer 60 Prozent vun de Betriibsteier-Recetten.

Si ass also net einfach ee Secteur ënnert villen; si ass e Pilier vun eiser wirtschaftlecher an fiskaler Leeschtungsfäegkeet.

Mee grad well si esou wichteg ass, däerfe mir se net einfach als acquis behandelen.

D'Finanzplaz muss sech kënnen weider moderniséieren: Fintech, nohalteg Finanzen, Cybersecurity, an anner nei europäesch Marchéen. Dat ass keng Optioun. Dat ass eng Noutwendegkeet.

**Här President,**

E Land funktionéiert net ouni gutt Schoulen, ouni eng kompetent Verwaltung, ouni Police, Justiz, Spideeler, Infrastrukturen an ëffentlech Servicer, op déi d'Bierger sech kënne verloossen.

Eis Populatioun huet sech an de leschten 20 Joer verduebelt. Staat a Gemengen hu sech professionaliséiert.

Mir hunn haut e performanten Rettungsdéngscht mat Benevolen a Professionnellen.

Ënnert dëser Regierung gouf d'Police sichtbar gestäerkt. Zanter 2023 sinn 500 Polizisten méi am Asaz.

Gläichzäiteg gouf d'„Police locale“ agefouert.

Mee Sécherheet bedeit net nëmme Police. Sécherheet bedeit och eng staark Justiz déi Recht duerchsetzt a fir Gerechtegkeet suergt.

Eng schnell Justiz ass net onbedengt déi bescht. Mee Prozeduren daueren ze laang. Dofir ass et wichteg eis Magistratur ze verstäerken.

Dës Verbesserungen mussen och um Terrain fir e bessert Sécherheetsgefill suergen.

E subjektiv Onsécherheetsgefill ass an der Politik e Fakt. Zuelen iwwerzeegen net ëmmer. Wann Leit sech net sécher fillen och wann et faktesch sécher ass, bléift et e Fakt datt Leit sech net sécher spieren.

Et geet hei em d’Vertrauen vun de Bierger.

Vertrauen doran, datt d'Police do ass wann een se brauch. Vertrauen doran, datt d'Justiz konsequent handelt. Vertrauen doran, datt d'Politik d'Problemer net verdrängt mee se upeekt.

Et geet em Respekt an Autoritéit. Och an der Schoul.

Et kann net sinn datt mer zouloossen datt Léierpersonal oder soss Mataarbechter vu Staat a Gemengen menacéiert ginn.

Wien sech net u Reegelen hällt, muss mat Konsequenzen rechnen.

All Bierger däerf, jo muss dem Staat seng Autoritéit kritesch hannerfroen.

Mee all Bierger muss an enger Demokratie d’Autoritéit vum Staat och unerkennen a respektéieren.

Dat muss an der Schoul ufänken.

Mir wëllen all Kand déi beschten Startchancen ginn.

Wëll mir zu Lëtzebuerg eng ganz heterogen Schülerschaft hunn – eleng wéinst der Sproochesituatioun – war et néideg de Schoulsystem un dës Realitéiten unzepassen.

Aus dësem Grond gouf d’Alphabétiséirung op Franséisch op de Wee bruet. Fir déi Kanner déi méi en enken Lien zur franséischer Sprooch hunn do ofzehuelen wou se sinn.

Wéi mir all wëssen erfuerdert d’Léieren Konzentratioun. Et ass awer e Fakt dass déi Jugendlech zevill Zait virum Ecran verbréngen. Waat sech bestëmmt net positiv op hier schoulesch Leeschtungen auswierkt.

Dofir gouf och hei gehandelt. An zwar mam Handyverbuet an de Schoulen.

D'CSV ass fir e gereegelten Zougang zu soziale Netzwierker. Eischt Schrëtt sinn um europäesche Niveau gemaach. De Premier huet confirméiert datt mer net eiweg waarden.

Do wou de Staat muss staark sinn, do ass de Staat mat Personal verstäerkt ginn.

Mir brauchen eng staark Fonction publique.

An et ass och richteg ze soen: Lëtzebuerg huet eng Fonction publique, déi am internationale Verglach gutt ofschneit. An engem klenge Land, mat de Funktioune vun engem Grousse Staat, ass dat keng Selbstverständlechkeet. Dat ass eng Leeschtung.

Mee grad well de Staat esou wichteg ass, musse mir éierlech iwwer säi Wuesstem schwätzen.

Net aus Neid.
Net fir eng Grupp géint déi aner auszespillen.
Mee well et ëm d'Gläichgewiicht vum ganze Land geet.

D'Zuelen weisen eng Entwécklung, déi ee net einfach ignoréiere kann.

Tëscht 2016 an 2024 ass d'Zuel vun de Leit déi beim Zentralstaat schaffen, wann een Vollzäit (ETP) rechent , ëm ronn 42 Prozent geklommen.

Am selwechte Zeitraum sinn d'Lounkäschte beim Zentralstaat vu ronn 2,3 Milliarden Euro op ronn 4,9 Milliarden Euro geklommen.

Wann een déi méi breet Definitioun vum ëffentleche Secteur kuckt - mat Gemengen, Educatioun-Secteur, Gesondheet-Secteur a parastaatlech an anner ëffentlech Entitéiten - schwätzt d'Zentralbank fir 2025 vu ronn 9,8 Milliarden Euro u Personalkäschten, also **engem Véierel vun den ëffentlechen Ausgaben**.

An gläichzäiteg gesi mir, datt **de Privatsecteur däitlech méi ënner Drock steet**. Laut engem rezente wirtschaftleche Bilan goufen 2025 am Privatsecteur netto nach **just 900 nei Aarbechtsplaze geschaf, wärend den ëffentleschen Déngscht, an den ëffentlechen Gesondheet a Bildung-Berräich zesummen ëm 4.400 Plaze gewuess sinn**.

Dat heescht: **vun de ronn 5.300 neien Aarbechtsplazen am Land koumen iwwer 80 Prozent aus Beräicher, déi direkt oder indirekt aus ëffentleche Mëttele finanzéiert ginn**.

Dat kann an enger Kris kuerzfristeg stabiliséierend wierken.

Mee wann dat zu enger dauerhafter Trend gëtt, da gëtt et e Problem.

Well e Staat kann net op Dauer den Haaptmotor vun der Beschäftegung sinn, wann d'Privatwirtschaft ëmmer méi un Dynamiken verléiert.

De Staat kann ofschiermen, stäerken, investéieren an organiséieren. Mee de Staat kann net eleng de Wuelstand erwirtschaften, deen en duerno verdeelt.

Wann de Privatsecteur u Dynamik verléiert, da verléiert d'Land net nëmme Produktivitéit. Et verléiert Innovatioun, Investitiounen, Exportkraaft, Steierrecetten - an domat och déi finanziell Basis vum Sozialstaat.

Dofir ass et keng Fro vu " de Staat géint de Privatsecteur".

Et ass eng Fro iwwer d'Gläichgewiicht, dat de Lëtzebuerger Modell iwwer Joerzéngte staark gemaach huet.

**Här President,**

D'Handlungsfäegkeet vum Staat ass keng Selbstverständlechkeet. Si hänkt dovun of, datt mir och mat ëffentleche Mëttelen verantwortlech ëmgoen.

E Staat, dee vill verspriécht, mee säi Spillraum verléiert, kann an der nächster Kris net méi esou hëllefen, wéi d'Leit et vun him erwaarden.

Dofir geet et net drëm, de Staat ze schwächen. Et geet drëm, en zukunftsfäeg ze maachen.

Dat heescht:

- Prioritéite setzen.
- Effikassitéit verbesseren.
- Digitaliséierung notzen.

ouni datt all nei Erausfuerderung automatesch mat ëmmer méi Strukturen, ëmmer méi Prozeduren an ëmmer méi Ausgaben beäntwert gëtt.

Well eng verantwortlech Staatspolitik bedeit net, de Staat ëmmer méi grouss ze maachen. Se bedeit, de Staat esou opzestellen, datt en seng Aufgaben gutt, séier an nohalteg erfëllt.

**Här President,**

De Lëtzebuerger Modell ka just funktionéieren, wann déi, déi Wuelstand schafen, staark genuch bleiwen; wann de Staat seng Mëttelen op déi richteg Prioritéite konzentréiert; an wann de Sozialstaat net nëmmen haut versprécht, mee och muer nach hält.

**Mir brauchen e Staat, deen d'Land dréit — mee mir brauchen och eng Wirtschaft, déi de Staat droe kann.**

**Här President,**

Si brauch och **Sécherheet**: datt Energie bezuelbar an disponibel bleift, datt eis Infrastrukture funktionéieren, datt eis Donnéeën, eis Betriber an eis Bierger geschützt sinn, an datt Lëtzebuerg och muer nach fäeg bleift, seng eege Choixen ze treffen.

**Souveränitéit heescht net zoumaachen. Et heescht net, sech vun der Welt ofzekoppelen.**

**Souveränitéit heescht: oppen bleiwen, mee net naiv sinn.**

D'Partnerschafte sichen, mee net ofhängeg ginn. Als klengt Land net eleng stoen, mee an engem Europa handelen, dat méi staark, méi séier a méi handlungsfäeg gëtt.

E souveräänt Lëtzebuerg gëtt et just an engem Europa, dat seng Interessen, seng Wäerter a seng Sécherheet selwer méi konsequent verdeedege kann.

D'Pandemie huet eis gewisen, wéi séier Liwwerketten ënner Drock gerode kënnen. D'Energiekris huet gewisen, wéi deier Ofhängegkeet ka ginn. Cyberattacke weisen, wéi vulnerabel modern Infrastrukture sinn.

An de russeschen Ugrëffskrich géint d'Ukrain huet eis brutal drun erënnert, datt Fridden an Europa net einfach eng Garantie vun der Geschicht ass, mee eppes, wat all Dag nei muss geschützt, verdeedegt a mat politeschem Courage ofgeséchert ginn.

Resilient sinn heescht: sech esou virbereeden, datt déi nächst Kris eis net erëm um selwechte Punkt trëfft.

Dat gëllt fir d'Energie. Propper Energie ass haut méi wéi Klimapolitik. Si ass Präisstabilitéit, Fräiheet a Standortstäerkt.

Am Beraich vun den ereierbaren Energien si mir e gutt Stéck weiderkomm.

Zanter 2023 huet:

D'Stroumproduktioun aus Wandkraft ëm 11% zougeholl

D'Stroumproduktioun aus Photovoltaik ëm 86% zougeholl

Och hei schafft d'Regierung weider drunn dass mir nach méi séier virukommen.

Zum Beispill iwwer Prefinanzement vu PV-Anlagen waat eng Mannerbelaaschtung fir d'Bierger duerstellt.

Zum Beispill iwwer de Klimasozialplang mat sengen 45 Aktiounen.

All moderniséiert Netz mécht eist Land méi robust.

All vereinfacht Prozedur bedeit: méi séier Projeten, méi lokal Energieproduktioun a manner Ofhängegkeet vum Ausland.

Mat nationalem a lokale Resilienzpläng muss eis Strategie an alle Beräicher konkretiséiert ginn.

Mir brauchen och méi Onofhängegkeet an eiser Versuergung mat Liewensmëttel an dofir musse mer eis Produzenten encouragéieren an ënnerstëtzen. Zukunft wiisste net alleng am Ausland, se muss och heiheem wuessen.

Wann eng digital Infrastruktur ausfält, da mierkt een direkt: Digitaliséierung ass net nëmmen eng Fro vu Komfort. Si ass eng Fro vun der Resilienz.

Mir hunn d'Kompetenz déi mer weider mussen ausbauen, kritesch Infrastrukture schützen an Cybersecurity als Deel vun eiser nationaler Sécherheet verstoen. Well Technologie eleng mécht eis net souverän.

**Här President,**

Resilienz a Souveränitéit heeschen haut awer och: **Verdeedegung**.

Dofir ass et richteg, datt Lëtzebuerg säin Deel mécht: mat méi héijen Efforten an der Defense, mat strategeschen Investissementer, mat Projeten ewéi GovSat-2, mat bessere Konditioune fir eis Zaldotinnen an Zaldoten, an mat der kloerer Linn, datt Solidaritéit an der NATO an an Europa net nëmmen eng Fro vu Wierder ass.

E klengt Land huet vläicht keng grouss Arméi. Mee e klengt Land muss e sérieuxe Partner sinn.

Defenseausgaben sinn e Bäitrag zur Sécherheet vun Europa an e Signal un eis Partner: Lëtzebuerg versteet, datt seng Sécherheet net gratis ass.

Wa mer wëllen eis 200 Joer Onofhängegkeet 2039 feieren … Da musse mer elo solidaresch mat eisen Alliéierten sinn.

Wa mer eis amerikanesch Alliéiert verléieren, wann Europa sech duerch Nationalisten an Lenksextremisten auserneen dréiwe léisst … Jo dann steet et a noer Zukunft schlecht ëm d'Lag vun eiser Natioun.

**Här President,**

Fräien a fairen Handel maachen eis méi resilient.

Dofir sinn Handelsaccorde wéi **Mercosur** esou wichteg:

Den Accord géif eng wirtschaftlech Zon vu méi wéi 700 Millioune Mënschen an engem kumuléierte PIB vu ronn 22.000 Milliarden Dollar verbannen.

Ronn 90 Prozent vun de gehandelte Produite géife progressiv vun Douanestaxen entlaascht ginn.

No Schätzunge vun der Europäescher Kommissioun kéinten d'Exporter an d'Mercosur-Länner ëm 39 Prozent, also ëm ronn 49 Milliarden Euro pro Joer, klammen, an 440.000 Aarbechtsplaze kéinte geséchert ginn.

Et geet ëm diversifizéiert Mäert, manner Ofhängegkeet vun den USA a China, méi sécher Liwwerketten an Zougang zu strategesche Matière-premièren ewéi Lithium.

An et geet ëm e Signal: Europa wëll Partnerschaften, Reegelen a Multilateralismus.

Wann Europa sech zeréckzitt, waarden aner Acteuren net héiflech, bis mir alles fäerdeg diskutéiert hunn. Si handelen.

Mee net onbedéngt mat eise Standarden, net no eise Wäerter, net mat eisem Verständnis vu sozialer an ekologescher Verantwortung.

**Här President,**

dat ass de Kär vun enger moderner Souveränitéit: net Angscht virun der Welt hunn, mee d'Fäegkeet hunn, sech an där Welt ze behaapten.

Stäerkt duerch Virbereedung, Partnerschaft a Verantwortung.

**Här Präsident,**

Wann ee vun der Lag vun der Natioun schwätzt, da kënnt een an dësen Deeg net laanscht d'Tripartite.

Net well d'Tripartite eng Wonnerléisung fir all Problemer hei am Land ass. Mee well se weist, wéi Lëtzebuerg a schwieregen Zäiten funktionéiert.

D'Regierung huet d'Sozialpartner un een Dësch geruff, well déi international Energiekris konkret Konsequenze fir d'Leit, fir d'Betriber an fir eis Staatsfinanze mat sech bréngt.

D'Zuelen, déi presentéiert goufen, weisen däitlech: **am schlëmmste Fall riskéiere mir eng Rezessioun an dräi Indextranchë bis September 2027**.

An dofir ass et richteg, elo ze handelen.

Net an der Hektik.
Mee och net ze spéit.

**Mat roueger Hand - an an der Hoffnung, datt jidderee mat deem selwechte Geescht an dës Diskussioune geet: net fir sech selwer ze profiléieren, mee am Intérêt vum Land no Léisungen ze sichen.**

**D'Tripartite ass a soll dofir kee Ritual an och kee politesche Spektakel sinn**.

D’Tripartite muss **konstruktiv** sinn.
Se muss **resultatorientéiert** sinn.
A se muss virun allem **am Intérêt vum Land sinn**.

Et geet elo drëm, mateneen :

- d’Kafkraaft vun de Leit z‘erhalen
- d’Kompetitivitéit vun eise Betriber ze stäerken
- Aarbechtsplazen ze schafen

**An hei huet och d’Chamber eng wichteg Roll.**

**Well mir maachen Gesetzer. All Accord brauch och eis Zoustëmmung wann e legislativ soll ëmgesat ginn.**

D’CSV-Fraktioun ënnerstëtzt dës Tripartite:

Mat Respekt virun de Sozialpartner, mat engem oppenen Ouer fir d’Suergen am Land, mee och mat engem kloere Sënn fir dat, wat Lëtzebuerg wirtschaftlech, sozial a finanziell droe kann.

**<u>Conclusioun</u>**

Här President,
léif Kolleeginnen a Kolleegen,

D’Welt wäert an de nächste Méint net méi einfach ginn.

Mee d’Fro ass net, ob et Erausfuerderunge ginn.

D’Fro ass, wéi mir als Land domat ëmginn.

Mir kënnen eis kleng maachen.
Mir kënnen eis an enger permanenter Schwaarzmolerei verléieren.

Oder mir kënnen dat maachen, wat Lëtzebuerg eigentlech ëmmer staark gemaach huet:

Eis Stäerkten notzen, eis Problemer kloer erkennen an de Courage hunn, no vir ze goen.

Näischt leeft zu Lëtzebuerg esou schlecht datt mer et net kënne verbesseren duerch alles wat gutt leeft.

De Journalist a Schrëftsteller Michel Abdollahi huet dëser Deeg an der „ZEIT“ iwwer Lëtzebuerg geschriwwen:

„Sie sind viel zu bescheiden, um zuzugeben, wie gut es bei ihnen eigentlich läuft. Sie sind eigenartig, auf eine sehr angenehme Weise. Sie halten sich nicht für den Nabel der Welt, aber sie wissen genau, wer sie sind.“

Ech hoffen de gudde Mann kann dat den Owend och nach iwwer eis soen.

Ech soen Iech Merci.